



MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Jean Huss), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

8. Ordre du jour (suite)

An elo géife mer de Punkt vum Projet de loi 6066 virhuele mam Accord vum Rapporteur, well d'Rapporteur vum deem anere Projet ennerwee ass. Dofir kéime mer dann also elo op de Projet de loi 6066, en Accord iwwert d'tropesch Holz. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madame Mergen, d'Madame Polfer, den Här Braz, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

9. 6066 - Projet de loi portant approbation de l'Accord international de 2006 sur les bois tropicaux, fait à Genève, le 27 janvier 2006

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi approuvéiere mer also den internationalen Accord vun 2006 iwwert d'Tropenholz.

Op eiser Äerd gëtt et ongeféier véier Milliarden ha Tropebëscher, déi ongeféier 30% vun eisem Planéit couvréieren. Ech erlabe mer dofir unzefänken, d'Bedeitung vun den Tropebëscher ervirzesträichen.

D'Tropebëscher erfëllen eng grouss Rei vu wichtege Funktiounen. Am Beräich vum Klima: Si stabiliséieren de Klima, andeems se riseg Mengen un CO₂ stockéieren. Wat d'Natur ubelaangt: D'Bëscher protegéieren d'Biedem, a si leeschten eng wichteg Contributioun fir d'Erhale vun der Biodiversitéit. D'Holz ass eng Basis fir eng ganz Industrie; dat souwuel an deene Länner, wou Holz geschloe gëtt, wéi och do, wou Holz weider veraarbecht gëtt an och verkaf gëtt. Verbonne mat dëser Industrie si Milliounen vun Aarbechtsplazen, souwuel an de Produzentelänner wéi och an de Pays consommateurs. An d'Aarbechtsplaze sinn dobäi besonnesch wichteg, fir d'Revenuë vun de Familljen an de Produzentelänner ze garantéieren.

Fir dës wesentlech Funktiounen ze erhalen, ass et wichteg, dass derfir gesuergt gëtt, dass eng nohalteg Gestiou an en adequate Schutz vun den Tropebëscher garantéiert sinn. Do besteet Handlungsbedarf, well d'Tropebëscher sinn hautdës-dags seriö bedroht. D'FAO, déi regelméisseg de Bestand vun de Bëscher analyséiert, huet an engem Bericht festgehalen, dass all Joer 13 Milliounen ha Bësch verschwannen. Besonnesch am A muss ee behalen déi illegal Ofholzung vun de Bëscher, déi a verschiddene Länner méi wéi 50% vun der Produktioun ausmécht. D'Europäesch Kommissioun schätzt, dass ongeféier 20% vun den Holzimporter an d'EU illegal sinn.

D'Ofholze vu Bëscher, d'Déforestatioun ass responsabel fir ongeféier 20% vun de weltwäiten CO₂-Emissiounen. An dobäi ass nach ze bemerken, dass d'Erwiermung vum Planéit och erëm negativ Konsequenzen op den Zoustand vun de Bëscher huet.

Fir dës Problemer unzegoen, muss op internationalem Niveau kooperéiert ginn. An duerfir ass och dësen Accord ze begréissen. Et ass iwwregens schonn deen drëtte vu sengem Genre: En éischten Accord staamt aus dem Joer '83 an en zweete vun 1994.

D'Struktur vum Accord, deem am Kader vun der Conférence des Nations Unies pour le commerce et le développement négociéiert ginn ass, ass ähnlech wéi déi vu sengem direkte Virgänger. Am éischten Artikel sinn d'Ziler vum Accord formuléiert. Et geet do net nëmmen ëm d'Promotioun vun internationalen Handel mat Tropenholz, mä och, a virun allem ëm eng nohalteg Gestiou vun de Bëscher an iwwert d'Legalitéit vun der Exploitatioun vun de Bëscher. Esou soll zum Beispill d'Capacitéit vun de Memberen erhéicht ginn, fir d'Gouvernance an d'Uwendung vum Droit forestier ze verbessern.

Den Accord beschreift d'Roll an d'Fonctionnement vun der OIBT, der Organisation internationale des bois tropicaux, déi hire Sëtz zu Yokohama a Japan huet an déi fir d'Mise en œuvre vum Accord responsabel ass. D'Membere vun der Organisation sinn agedeelt a Pays producteurs an a Pays consommateurs. Si decken haut ongeféier 80% vun de Tropebëscher an 90% vum internationalen Handel mat Tropenholz of. D'Hauptorgan vun der Organisation ass de Conseil international des bois tropicaux, an deem alleguer d'Memberlänner vertruede sinn. D'Stëmmrecht am Conseil international des bois tropicaux ass gläichermoossen opgedeelt tëschent de Produzenten an de Konsumenten. Bei de Konsumente variéiert d'Zuel vun de Stëmme mam Volume vun den Importatiounen, a bei de Produzenten ass d'Verdeelung e bësse méi komplizéiert. Mä hei ass och d'Tendenz déi, dass déi, déi e grouss Bëschbestand hunn a vill exportéieren, méi Stëmmen zegutt hunn.

D'OIBT formuléiert Texter, fir eng nohalteg Gestiou vun den Tropebëscher ze favoriséieren, a se hëlleft de Membere mat konkrete Projekte bei der Ëmsetzung vun dëse Politiken.

(Interruption)

D'Finanze vun der OIBT ginn assuréiert duerch e Compte administratif fir de Fonctionnement vun der Organisation an e Compte spécial, dee mat de fräiwëllege Contributiounen gespeist gëtt an dee fir de Financement vun de Programme a Projeten do ass. Déi obligatoresch Dépense fir de Budget administratif gi vun der Europäescher Unioun iwwerholl. Den Accord soll zéng Joer a Kraaft bleiwen a kann eng Kéier fir fënnf an dann nach eng Kéier fir dräi Joer verlängert ginn.

Den Accord huet zu ville Kritike gefouert, notament am September 2008 duerch eng Resolutioun vum Europäesche Parlament. D'Europaparlament ass der Meinung, dass d'Zil vun der Protektioun an der Gestion durable ze mann Gewiicht huet par Rapport zum internationale Commerce vum Tropenholz. Kritiséiert gouf an deem Zesammenhang och d'Verdeelung vun de Stëmmen, déi esou organiséiert ass, dass déi, déi am meeschte mat Tropenholz handelen, och am meeschte Stëmmen hunn.

Mä allgemeng ass ee sech awer eens, dass dësen Accord wichteg ass an op alle Fall besser ass wéi seng zwee Virgänger. Den Accord eleng, an do ass ee sech och eens, geet awer sécher net duer, fir all Problemer am Beräich vun der Zerstörung vun den Tropewälder ze léisen. Dat läit enner anere dorunner, dass d'Ziler am Accord net contraignant sinn an zimlech allgemeng formuléiert sinn. A grad dofir, mengen ech, ass et och wichteg, dass d'Europäesch Unioun déi legislativ Beméiungen an deem Beräich weider bedreift.

Dat bedeit éischters, dass emol weider Accords de partenariat mat Drëttlänner ofgeschloss ginn. Dat sinn déi sougenannte FLEGT-Accorden - dat steet fir Forest Law Enforcement, Governance and Trade. Duerch dës Accordë soll séchergestallt ginn, dass nëmme legaalt Holz aus de Partnerstaten op den europäesche Marché kënnt.

Et sief och nach gesot, dass am Moment en europäescht Reglement um Instanzenwee ass, mat deem verhënnert gi soll, dass

Holz aus illegalem Ofbau op den europäesche Marché komme kann. Dat Reglement ass wichteg, well d'Accords volontaires de partenariat FLEGT, déi ech elo grad ernimmt hunn, nëmme beschränkt wirksam sinn.

Zum Ofschloss wollt ech lech nach soen, dass, wéi mer de Rapport an där zoustänneger Chamberkommissioun ugeholl hunn, nach eng Rei Froen opgeworf gi sinn. Déi éischt dovou betrëfft déi finanziell Répercussione vu Lëtzebuerg vum Accord. Ech hu jo scho gesot, dass déi obligatoresch Dépensen an Zukunft vun der Europäescher Communautéit gedroe ginn. Lëtzebuerg kann op fräiwëlleger Basis Programmer a Projekte matfinanzéieren. De Statsbudget, an hei si mer nach an der Logik vun deem alen Accord, gesäit fir e puer Joer Contributiounen vu 35.453 Euro fir d'Organisation internationale des bois tropicaux vir.

Bei der zweeter Fro goug et ëm d'Representatioun vu Lëtzebuerg am Conseil international des bois tropicaux. Bis elo war Lëtzebuerg net direkt doranner vertrueden, well eis belsch Frënn sech ëm deem Dossier gekëmmert hunn. An Zukunft ënnert deem neien Accord ass dat net méi de Fall. Den Dossier läit elo an der Hand vun der Administration de la nature et des forêts. Lëtzebuerg wäert en plus och um Niveau vum EU-Conseil matschwätzen, well deem Accord betrëfft souwuel national wéi och communautär Kompetenzen.

An als leschte Punkt goug et ëm d'Zuel vun de Stëmmen, déi Lëtzebuerg an deem Conseil international des bois tropicaux kréie wäert. Den Accord seet heizou, dass all Konsumentestat mindestens zéng Basisstëmme huet, an dat, wat dobäikënnt, hänkt vum Volumen un, wéi vill Holz e Land importéiert. Well den Accord awer nach net a Kraaft ass, gouf dës Rechnung nach net gemaach. Déi zoustänneg Autoritéit ginn awer dovunner aus, dass Lëtzebuerg tëschent zéng an zwielef Stëmme wäert hunn.

Ech erënneren och nach drun, dass d'Produzentestat, genau wéi d'Konsumenten, jee weils am Ganzen dausend Stëmmen zegutt hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP an ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Angel Merci, an als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Mergen agedroen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen** (CSV).- Merci villmools, Här President. Ech géif wëllen, am Numm vun der CSV-Fraktioun, dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport an deem wichtege Thema, wou mer jo da mussen hoffen, dass ausserhalb vun deem Accord nach eng Rei aner Mechanisme wirksam ginn.

► **M. le Président.**- Dann ass agedroen d'Madame Polfer.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Här President, ech wëll och den Accord vu menger Fraktioun bréngen an dem Rapporteur Merci soe fir souwuel säi schrëftleche wéi och mündleche Bericht. Ech mengen, en huet souwuel op déi positiv Säiten, awer eben och nach op déi puer Schwaachstelle vun deem Accord higewisen. An ech mengen dat Bescht, wat ee ka maachen, ass keng Nofro no deem Holz hunn. Dat kënne mer alleguerten op deene verschiddene Plazen, wou mer Responsabilitéiten hunn. An an deem Sënn, mengen ech, kënne mer am beschten hëllefen, datt déi Konventioun hei an d'Praxis ëmgesat gëtt. Wéi gesot, mir ennerstëtzen deem heite Projet.

► **M. le Président.**- Merci, Madame Polfer. Den Här Braz.

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Här President, mir wëlle vläicht zwee Wuert nach méi zu dësem Projet soen. Fir d'éischt wëll ech awer dem Här Angel Merci soe fir ee vu senger ganz ville Rapporten, déi hien an dëser Chamber an och net nëmmen hei scho gemaach huet. Och deem heite war komplett an huet korrekt dat erëmginn, wat an der Kommissioun gesot ginn ass.

Ech wëll just e puer Zuelen nach eng Kéier rappeléieren, fir op d'Bedeitung hinzeiweisen vun der Déforestatioun op eisem Planéit. Et ginn all Joers ronn 13 Milliounen ha Bëscher um Planéit ofgeholzt. Dovu si sechs Milliounen ha Primärbëscher. Dat si gewaltge Zuelen an déi bréngen och mat sech, dass, Schätzungen no, déi Déforestatioun responsabel wier fir ëm 20 oder souguer méi Prozenter vun eise Problemer mam Klimawandel. Et ass also direkt de Lien hierzestellen tëschent den Effortë, déi d'Déforestatioun an den Efforten, déi ee kéint ennerhuelen, fir de Klimawandel um Planéit besser an de Grëff ze kréien.

Vun deem ganzen Holz, wat weltwäit gehandelt gëtt, si Schätzunge vun der FAO no knapp 8% nëmmen iwwerhaapt an engem Label mat dran, a 5% nëmmen an engem Label, deem och mat Nohaltegkeet ze dinne huet. 95% vum ganzen Holz, wat gehae gëtt, huet also mat Nohaltegkeet net vill ze dinne, bei deenen enorme Quantitéiten, déi all Joers gehae ginn. Dat muss een och ganz kloer soen, dass déi dote Form vu weltwäitem Holzhandel en direkten Impact huet op déi Leit, déi an deene Länner liewen, wou Holz gewonnen gëtt. An et huet och en direkten Impact op d'finanziell Situatioun vun deene Länner. Wat méi Holz illegal gehae gëtt, wat déi Länner, déi an aller Regel schonn net déi meeschte Ressourcen hunn, och nach praktesch guer net un deem Gewinn kënne participéieren, deem awer mat hirer Matière première weltwäit realiséiert gëtt.

Den Accord - an den Här Angel huet dat och scho gesot - ass sécher keen Accord, deem op all de Punkte gutt wier, an ech wäert och nach kuerz dorop agoen, mä ech mengen awer trotzdeem, dass et wichteg war, dass et zu engem Accord komm ass, och wann et nëmmen e lückenhaften Accord war. Wier et net zu engem Accord komm, wier et also zu guer kengem Text, zu guer kenger Konventioun komm, ech mengen, dat wier dat beschte Signal gewiescht, wat déi Leit gäre gesinn hätten, déi weltwäit un deem illegalen a rücksichtslosen Holzhandel profitéieren. Dat wier fir d'international Communautéit eigentlech eng Failliteerklärung gewiescht, wa guer keen Accord dobäi erauskomm wier. Duerfir muss een awer - mengen ech - festhalen, dass et positiv ass, dass et iwwerhaapt zu engem Accord komm ass.

Deem Accord ass awer, eiser Meinung no, ganz staark lückenhaft, an et wier gutt, wann deem Accord elo ganz séier géif an eng nei Négociatiounsronn kënne goen. A mir mengen, dass déi Europäesch Unioun, an notament d'Kommissioun, do e wichtege Rôle ka spillen. Och op enger Rei vun aneren Dossiere fënnt een déi Thematik vum Holzhandel erëm, a mir mengen, dass d'Europäesch Kommissioun op deem doten Dossier méi kéint maache wéi dat, wat se bis elo gemaach huet.

Wichteg ass dobäi, dass een déi lokal Communautéiten an déi lokal Populatiounen, do wou d'Holz gewonnen gëtt, wirklech probéiert, aktiv anzebeziehen. Wann et net nëmmen zu engem Dialog um Niveau vun der Regierunge kënnt, mä wann ee sech aktiv beméit, fir och aner Interlocuteurs um Dësch ze hunn, notament wéi gesot déi lokal Communautéiten, déi och hir territorial Rechter musse kënne verteidegen, ouni dat gëtt d'Ofholze vun de Bëscher, och vun de primären Tropebëscher, mat dem grouss Bagger ongeheennert gemaach. A mir sollen net e passiven Teilnehmer sinn dorun, mä mir sollen eis aktiv beméien, als Europäesch Unioun, déi Leit do zu méi Rechter kënnen ze encouragéieren an deenen och do derbäi zur Säit stoen.

Mir kënnen och an eise Politike vun der Marchés publics méi maache wéi dat, wat mer elo maachen, sief et um nationalen Niveau, sief et och um kommunalen Niveau. Och do sinn eng ganz Partie Verbesserungen, déi eiser Meinung no kënne gemaach ginn, fir kloerzemaachen, dass déi Hölzer, déi gewonnen ginn an déi hei verschafft ginn, e legalen Ursprung hunn an och en Ursprung, dee sech am Kader vun der Nohaltegkeet beweegt.

D'Europäesch Kommissioun ass schonn eng Kéier vum Europaparlament opgefuerdert ginn, eng Initiative législative - fir awer deem Ausdruck ze gebrauchen - an Europa op de Wee ze bréngen, wou ganz



kloer géif gemaach ginn, dass Holz, wat illegal gehae gëtt a gewonne gëtt, bannent der Europäescher Unioun e Verkafsverbuet hätt. Dat ass leider net de Fall. Déi Konventioun, déi mer haut hunn, déi erméiglecht dat doten an där stringenter Form net, an dat ass och e wesentleche Punkt. Där Opfuerderung do ass d’Kommissioun bis haut net nokomm, a mir halen dat wierklech fir e gravéierenden Defizit. Et misst ganz kloer e Verkafsverbuet op illegal gehaenem Holz verhaange ginn. Soulaang mer dat net hunn, sinn natierlech d’Schlupflächer fir déi Leit do ganz grouss, an da kréie mer och dat doten net an de Grëff.

Eng lescht Remarque, fir ze ënnersträichen, firwat dass mer mengen, dass déi heite Konventioun awer nach ëmmer Verbesserungswierdeg ass, an zwar zolidd Verbesserungswierdeg ass, dat ass, well d’Konventioun primär net ausgerichtet ass op de Schutz vun deene Bëscher, dass déi Konventioun net primär ausgerichtet ass, och net am „wording“ an och net an hirem Contenu, mä si ass op den Holzhandel an op d’Förderung vum Holzhandel ausgerichtet.

Mir sinn och d’accord, dass mam Holz muss kënne gehandelt ginn. Och déi Leit, déi keng aner Ressourcen hunn, mussen kënne vun deene Ressourcë liewen, soulaang séchergestallt ass, dass d’Nohaltegkeet respektéiert ass; soulaang séchergestallt ass, dass déi Leit op der Plaz kënnen dovunner liewen, an net just iergendwelch grouss international Multie gutt kënnen dovunner liewen. Mä et muss awer och ganz kloergemaach ginn, dass an deem heite Beräich d’Zilsetzung vun der Konventioun an eisen Ae falsch ass, déi primär...

► **M. le Président.** - Här Braz, Dir misst awer elo wierklech esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Dat ass mäi leschte Saz, Här President.

...dass also déi primär Zilsetzung misst sinn de Schutz vun deene Bëscher a vun de lokale Communautéiten, an net, wéi et hei am Moment nach ëmmer de Fall ass, d’Ënnerstützung vun engem planetären Holzhandel.

Dat gesot, wäerte mer awer zu dësem Text eisen Accord bréngen, well mer mengen, dass et besser ass deen heiten ze hu wéi guer keen. Dat wier, wéi gesot, dat falscht Signal.

Merci, Här President.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz, an als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Merci, Här President. Wéi och all déi aner Parteien hei an der Chamber ënnerstëtzt d’ADR de Schutz vun der Natur a besonnesch och de Schutz vun de Bëscher, souwuel heiheim wéi och am Ausland. Déi Konventioun, iwwert déi mir haut sollen ofstëmmen, fënnt duerfir och eise prinzipiellen Accord an eis Ënnerstützung, a mir soen dem Här Rapporteur Merci fir seng fläisseg an engagéiert Aarbecht. D’ADR kann dëse Projet matstëmmen.

Trotzdeem, bei dëser wéi bei aneren internationale Konventiounen, stelle sech awer eng Rei vu Froen. Well och, wann d’Intentioun vun deem Accord fir de Schutz an och den Handel - wéi den Här Braz richteg gesot huet - vum tropeschen Holz luewenswäert ass, da froe mir eis awer, ob et wierklech un eis Europäer a Lëtzebuerger ass, fir och fir d’Konsequenze vun administrativen Dysfonctionnementen oder Korruptioun a verschiddene Länner mussen mat opzekommen.

Mir müssen do vläicht definitiv eng aner Perceptioun vun deem entwéckelen, wat mer bis elo als Entwécklungslänner betruecht hunn, a wat de Realitéiten op dëser Äerd einfach net méi entsprécht.

Mir warnen och virdrun, fir d’Noutwendegkeet vun dëser Konventiounen ze vill exklusiv op d’Klimaschutzargumenter opzebauen. Dir wësst, wéi mir och, dass de Wäert vun de Bëscher, fir Kuelendioxid ze späicheren als sougenannt CO₂-Senker, an der Wëssenschaft ëmstridden ass. Rezent Artikelen an der „Science“ hunn dat och erëm eng kéier ënnerstrach.

Tatsaach ass och, dass mer d’Bëscher net nëmmen aus Klimagrënn wëllen erhalen, mä virun allem och weinst der Biodiversitéit, a wéi mer och alleguer wëssen, well et ganz schwéier ass, wann esou e Bësch bis verschwonnen ass, fir en erëm kënnen unzeplanzen an erëm an d’Entstoe kommen ze loossen. Als Konsumente vun Holz hu mir selbstverständlech och Verantwortung ze droen an och am Beräich vun de Marchés publics dat Néidegt ze maachen.

Här President, wou mer de schréfftleche Rapport an der Kommissioun gestëmmt haten, hat d’ADR nach eng Rei Froen, wéi den Här Angel och richteg rappeléiert huet. Mir soen him Merci, dass en eis elo déi Prezisiounen iwwer Stëmmrechter, Lëtzebuerger Verriedung a Lëtzebuerger finanziell Participatioun ginn huet. Et schéngt eis ganz wichteg, dass d’Regierung, wa mer elo un d’Ëmsetzung vun dësem Accord ginn, och déi Lëtzebuerger Interessen ëmmer am A behält, och déi Lëtzebuerger finanziell Interessen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser, an als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Här President, ech ginn och mäin Accord fir dës Konventioun. Ech schlësse mech awer och de Wiederer vum Här Braz un, dass mer eigentlech méi contraignant Bestëmmunge bräichten, fir déi Ofholzung vun deenen Tropebëscher ze verhënneren, net nëmmen aus ökologesche Grënn, mä och aus soziale Grënn.

Muer, neen iwwermuer hu mer um Ordre du jour eng Direktiv, déi mer ëmsetzen, iwwer Maschinnen, wou mer quasi verbidden, dass Maschinnen hei importéiert ginn, déi e Sécherheetsproblem duerstellen. An ähnlech misst een am Fong geholl och dovun ausgoen, dass mer eng Direktiv um europäesche Plang kréichen, fir an deem Beräich hei méi zwéngend Moossname kënnen duerchzesetzen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Ech mengen, dat do war alles ganz komplett, ganz besonnesch den Här Rapporteur war ganz komplett, duerfir kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen. D’Ofstëmmung fänkt un. Fir d’ëischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen an enger Enthaltung. Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6066 est adopté à l’unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden (par Mme Martine Mergen), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Mill Majerus), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall’Agnol (par M. Ben Scheuer), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Henri Kox (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser; M. André Hoffmann.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer elo zum leschte Projet de loi fir haut, nämlech dem Projet de loi 6099 iwwert d’Schoulmedezin. Hei ass d’Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: d’Madame Andrich, den Här Berger, den Här Huss, den Här Colombero an den Här Hoffmann, an d’Wuert huet elo d’Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall’Agnol. Madame Dall’Agnol, Dir hutt d’Wuert.

10. 6099 - Projet de loi modifiant la loi du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (*LSAP*), *rapportrice.* - Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d’ëischt emol Merci, dass Der e bëssen um Ordre du jour gefréckelt hutt, fir mer ze erlaabe mat Zäit hei ze sinn, an ech soen lech, ech war och nach ni esou frou lech alleguerten erëmzegasinn, wéi dat haut de Fall ass.

► **Une voix.** - Mir och. Mir si berouegt.

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (*LSAP*), *rapportrice.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 6099 ännere mer d’Gesetz vun der Schoulmedezin vum 2. Dezember 1987 ëm. E puer Wuert iwwert dëst wichtegt Gesetz, fir dass Der och wësst, iwwer wat mer haut de Mëtteg schwätzen an ofstëmmen.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

D’Schoulmedezin ass am Beräich Preventivmedezin ouni Zweifel ee vun de Pilieren. D’Struktur vun deem Gesetz ass och ganz kloer. D’Schoulmedezin gëtt vu sougenannte médico-socio-scolaires Équipes, déi vum Gesondheetsminister agréiert sinn, duerghefouert. Am postprimaire Beräich ënnerläit d’Organisatioun der Division vun der Schoulmedezin, déi am Kader vun der Santésdirektioun fonctionéiert. Ënnert der Opsicht vum Médecin-chef an der Santé sinn d’Gemenge fir d’Schoulmedezin am Pré-scolaire, Primaire, Complémentaire an am Spezialunterrecht zoustänneg. Fir d’Ausféierung vun den Ënnersichunge kënnen Organismes non gouvernementaux vun öffentlech oder privatem Recht erugezu ginn.

Et ass och weider ervirzepräichen, dass d’Schoulmedezin nëmmen ee preventive Charakter huet, an dass se keng therapeutesch Funktioun huet. D’Behandlung vun deene festgestalltene Krankheeten an Anomalie bleift also weider d’Saach vum Hausdokter respektiv vum Kannerdokter oder och vun engem betreffende Spezialist. Iwwerens sinn och am Schoulalter déi sougenannten „Vorsorgemaßnahmen“ besonnesch effikass an och eben am liichtesten duerghezeféieren.

D’Gesetz vun 1987 ass deemno e Kadergesetz fir d’Schoulmedezin an et harmoniséiert an engem eenheetlechen a kohärenten Text all gesetzlech Mesuren a Bestëmmungen, déi zënter 1912 op dësem Gebitt a verschidde Gesetzer, Arrêtés ministériels a Reglementer agefouert gi sinn, an et entsprécht och de Recommandatiounen, esou wéi d’OMS se schonns zënter 1963 ausgeschafft huet. Souwäit also zum Gesetz, dat mer haut wëllen ëmänneren.

Zum Gesetz gehéiert awer och nach e Règlement grand-ducal vum 21. Dezember 1990, dee festleet, wéi oft soll ënnersicht ginn. An de leschte Jore sinn Diskussiounen um Terrain gefouert ginn, an et ass du festgehalen ginn, dass een d’Schoulmedezin un d’Besoinë vun deene jonke Leit, mä awer och un déi modern Konzepter vun der Medezin muss adaptéieren. Am Kloeertext soll méi Wäert drop geluecht ginn, déi Kanner cibléiert ze ënnersichen, déi Risiko-kandidate sinn.

An dann natierlech soll och nach méi Wäert wéi bis elo op d’Preventivmedezin gesat ginn, dat heescht eben deene Jonken hëllefen oder deene Jonken hëllefen, dass se a gudder Gesondheet bleiwen duerg eng gesond Ernährung, Sport, an doduerch, dass se Risikofacteurs wéi Fëmmen oder den iwwerméissege Konsum vun Alkohol meiden. Fir dëst a Musek ëmzesetzen, huet de Santéminister Mars Di Bartolomeo e Projet de règlement grand-ducal ausgeschafft, deen de Contenu an d’Frequenz vun de Mesuren an Ënnersichungen determinéiert, respektiv och de Fonctionnement vun der Équipe médico-socio-scolaire. Dëse Règlement grand-ducal soll dee virdrun zitéierte vun 1990 ersetzen.

A sengem Avis zu dësem Règlement grand-ducal huet de Statsrot de 17. Februar d’lescht Joer awer a senger Schlussre-marquen drop opmierksam gemaach, dass d’Gesetz vu ’87 der Regierung net déi néideg Base légale gëtt, fir den Inhalt, d’Form an och den Accès vum Carnet de santé ze determinéieren, well d’Verfassung seet, dass alles, wat d’Matière de la santé ubelaangt, muss duerg d’Gesetz geregelt ginn. Fir dës Base légale ze schafen, stëmme mer also haut de Projet de loi 6099.

Op där enger Säit nämlech därer duerg d’Gesetz vun 1987 d’Regierung Mesures réglementaires huelen. Aner Mesuren awer, déi ech genannt hunn, déi dépasséieren de Kader vun deem, wat dat Gesetz erlaabt. Eng aner Ëmännerung am Text ass d’Wuert vum Enseignement fondamental, dee jo duerg d’Gesetz vum 6. Februar 2009 Realitéit gouf an duerfir och esou elo soll am SchoulmedezinGesetz genannt ginn.

Am Avis vum Conseil d’État, wou ech virdru genannt hunn, stoung dann och eng Textpropositioun dran, a si hu sech och domat d’accord erkläert, dass hiren Avis zum Règlement grand-ducal och géif fir d’Gesetz gëllen, natierlech wann hiren Text géif tel quel iwwerholl ginn. Dat war awer net de Fall, well de Statsrot, deen huet pénal Sanktiounen virgesi gehat, wat de Carnet de santé ubelaangt. De Regierungstext huet dës Sanktiounen awer ewechgelooss an hält domat eben net den integralen Text vum Conseil d’État un. An duerfir hu mer da missen en neien Avis froen, dee mer am Mäerz, den 23., fir genau ze sinn, dëst Joer och vum Statsrot kritt hunn.

Wéi Dir aus mengen Ausféierung bis elo konnt héieren, ass den Text vum Projet de loi eigentlech nëmmen eng minimal Ëmännerung. D’Santéskommissioun huet awer bei hiren Aarbechte sech net op de Projet de loi beschränkt wëllen an huet och iwwert de Projet de règlement grand-ducal, dee jo à la base vum Gesetzestext ass, diskutéiert souwéi och iwwert déi verschidden Avisen zu dësem Projet. Iwwert d’Schoulmedezin diskutéiert hu mer iwwerens och hei am Haus schonn am November 2008, am Kader vun enger Interpellatioun, deemools ugefrot vum honorabelen Här Krieps.

E puer Wuert dann deemno och zum Règlement grand-ducal, wa mer schonn an der Kommissioun driwwer diskutéiert hunn. Eng Kritik, déi ëmmer erëmkënn, ass déi, dass bei der Schoulmedezin ëmmer an ëmmer erëm déiselwecht Reienënnersichunge gemaach ginn, bei deene meeschte Kanner dann awer guer kee Problem festgestallt gëtt, well se a gudder Gesondheet sinn. Dat kascht Zäit, Zäit, déi ebe besser kéint genotzt ginn, fir déi Kanner ze cibléieren, déi wierklech Hëllef brauchen. Et soll also d’Qualitéit vun den Ënnersichunge gesteigert ginn, d’Donnéeën no engem Standardmodell gesammelt ginn, an och d’Resultater besser wéi bis elo nach evaluéiert ginn.

En anere But vun der Reform ass d’Vernetzung an d’Zesummenaarbecht vun deene Leit a Servicer, déi mam Kader ze dinn hunn, dat heescht zum Beispill Servicer wéi de SPOS, an natierlech net ze vergiessen och d’Léierpersonal. Deen neie Règlement grand-ducal schafft och déi artifi-